Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la Fnel) Adresse Postale: B.P. 1026 L-1010 LUXEMBOURG

# WANDROUS

## N°361 Wäimount / Allerhellegemount / Krëschtmount 2016

## Oktober / November / Dezember



Kënnt **5 mol pro Joër raus**
Abonnement **25,00 Euro**
CCPL: **LU82 1111 0498 5493 0000**
Chefredakter: Patrick Jénin (Fennec)
Verantwortlech vir Drock an Verschécken: **LBB**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**
Tel: **49 50 51**
http://www.lionsbleus.lu

LIONS BLEUS BONNEVOIE 100 HONNERT JOER / 2014 SCOUTS ET GUIDES

**Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!**

# Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus



Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?
Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bas?
Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.
Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.
Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den "AMIS DES LIONS BLEUS"

# ? VIRWAAT ?

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméissegen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem "ordre permanent"*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun "Les amis des Lions Bleus" + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéiën mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréiën, esou kënnen mir mat an op en "revenue" zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.
Natierlech fréën mir ons iwwert en émolegen oder regelméissegen Don!
** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.
Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!
Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!
***Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!***

Wandrous Publicitéit

# Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!
Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
**VIKING-ADVENTURES!**

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gülteg Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!




**www.viking-adventures.de**

# Schaff-DAAG am Home fir jiddereen

!!! **UN ALL**
**EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE,**
**AMICALEN, CP'en & FRËNN** !!!

D'Fënsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nët méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...



Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-SAMSTEG den 8. Oktober 2016 am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen Daag kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nët däin Schued sinn. Natiirlech gët nët nëmmen geschafft. NeeNee !!! Mir wärten all déi Lèit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Daag! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot gin, dass Näischt vun Näischt kënnt :):):) Allerdéngs ass ëmmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns!
Besser kanns du nët ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!
**Also mell dëch séier mat der Souche un oder schreiw e Mail !!!**



**<u>WICHTEG INFOS:</u>**

| | |
|---|---|
| **Rendez-Vous:** | Den 8. Oktober 16 um ......8 Auer MAT Kaffi<br>......9 Auer OUNI Kaffi |
| **Schluss:** | Den 8. Oktober 16 um 18 Auer. |
| **Wou?** | Natiirlech am Home. |
| **Waat brauchs du?** | Schaffhännchen, nët déi neisten Kleeder & natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun... |

**<u>dèng SOUCHE:</u>**
Dës kanns du oofgin beim Atra oder engem Comitésmember oder du schécks eng Mail op **comite@lionsbleus.lu**



Heimat mellen ech ______________________________ mëch un fir de Schaff-DAAG am Home fir den 8.Oktober 2016 an kommen

☐ um 8 mat Kaffi
☐ um 9 ouni Kaffi
(WEG ukraizen)

Ennerschreft: ______________________________



# Elterenversammlung

## Léif Elteren,

Daat nächst Scoutsjoër ass schon nees um laafen an ët gët nees Zäit fir eng Elteren-Versammlung. Dofir lueden mir Iech Elteren vun den **Beaver / Wëllef / Scouten & Explorer** härzlech den **12. Oktober 2016** bei ons an d'Home an.
Mir géifen Iech gären iwwert den Programm vum Scoutsjoër 2016-2017 informéieren. An ausserdem wärten mir och mat vill Freed op är Froën äntwerten an Ierch och vun den Neiegkeeten erzielen, déi ët ab dësem Joër wärten ginn.

Start:

Mëttwochs, den **12. Oktober 2016** um **19:15 Auer** an eisem **Home** no den Versammlungen.

Schluss:

Daat hänkt vun ären Froën oof :)

P.S. :

Fir Scouten, Explorer & Rover gët ët och dann nach déi aktuellsten News zum Summercamp.

## Chers parents,

Les vacances finies, les activités des Lions Bleus reprises, le temps est venu pour notre réunion obligatoire des parents. Dans ce contexte, chers parents de **Beaver / Wëllef / Scouten & Explorer,** nous vous invitons chaleureusement mercredi le **12 octobre 2016** dans notre chalet de scout à Bonnevoie.
Nous désirons vous informer du programme et des nouveautés de l'année à venir et nous répondrons avec plaisir à toutes vos questions.

Début?

Mercredi, le **12 octobre 2016 à 19.15** au chalet des Lions Bleus, après les réunions.

Fin?

La fin dépendra de vos questions :)

P.S. :

Pour les Scouts, Explorers et Rovers il y aura des informations supplémentaires sur le camp d'été.

## Wichteg

- Mir wären frou wann ganz **ALL** Elteren vertrueden wieren, wëll sou kréien mir en gudden Feedback an hun d'Méiglechkeet eis ze verbesseren an ierch besser opzeklären.
- Ausserdem ass dëst de leschten Délai vir d'Fiches Médicales an d'Fiche d'Inventaire oofzegin (siehe Fiche d'Inventaire).

## Important

- Afin de recevoir un feedback et d'assurer une bonne communication entre chefs et parents, nous serions contents si **chaque** parent soit présent.
- Pensez à rendre vos fiches médicales et fiches d'inventaire à cette date parce que c'est le dernier délai.

# Tip-Top Uniform

## Tip-Top Uniform

Op deenen meeschten Aktivitéiten ewéi Pow-Wow, Sorties, Camps oder Weekend'er, doen mir eis **Uniform** un. Vir dass du wees, ewéi eng **TIP-TOP UNIFORM** ausgesait, hu mir elo hei eng kleng Erklärung gin. Esou ass e Beispill vun der **Uniform**, déisdu an Zukunft solls op Aktivitéiten undoen, wann se gefuerdert ass.
Hues du nach **Froen**? Dann kanns du gären **dain Chef** froen, dass hien dir alles erklär waats du nach wëssen wëlls.

Dain éischte **Foulard** kriss du vun dengem Chef iwwereecht. Dozou gehéiert de richtegen **Knuet aus brongem Lieder**. Dëse muss du **emmer** an de Scouten **unhun**. Soss muss du déi Kéier drop e **Kuch matbrengen**.












Am **LBB-Shop** an **eisem Home** kriss du och **déi richteg Wanteruniform (Pulover & T-Shirt)**
Hei kriss du alles waat mat den **Lions Bleus** ze din huet, awer och Kniet fir un den Foulard, Scoutsbichelechen ewéi och den Vademecum.

Fir däin **Uniformshiem** ze kaafen, muss du an **d'FNEL op den Cents** fueren. Do kriss du och däin richtegen **Rimm** an all d'**Badger** déi sollen op dènger **Uniform** sinn.

Dës Saachen déi hei opgeléscht sinn an der Zeechnung sinn **Pflischt** bei der **Uniform** an gehéieren zum **Beaver/Wëllefchen/Scout/Explorer/Rover** wéi de Kapp um Hals, vum Foulard bis bei de Rimm.

# HOT - important - HOT

Fiche Médicale

## Léiw Elteren,

Vum lëtzebuergeschen Gesetz hir sin mir verpflicht, emmer um neisten Stand ze sin, waat d'Gesondheet an d'Wuelbefannen vun ärem Kand ugeet. Dowéinst wëlle mir ierch bieden, vir d'Scoutsjoër 2016-2017 eng Fiche Médicale auszefëllen an de Cheffen oofzegin. Dës ganz Donnéen gin vertraulech behandelt an gin vun den jeweilegen Cheffen en Discrétion stockéiert.
Gesetzlech sin mir ausserdem verpflicht, no engem Joër dës Fichen ze vernichten esou dass kee méi Accès op dës Donnéen huet.

Dës Fiche fannt dir op eisem Site ënnert dem Lien "Publications" (http://www.lionsbleus.lu). Déi ausgefëllten Fiche Médicale kënnt dir dem respektiven Chef oofgin oder op eis Boite Postale schecken.

Leider sin mir vepflicht ärt Kand net méi matzehuelen, wann dës Fiche net bis den 3. November 2016 richteg ausgefëllt bei ons ukomm ass.

merci vir ärt Versteesdemech



fnel scouts & guides

Fiche santé individuelle

A compléter par les parents ou tout membre majeur au début de chaque année scoute et avant le camp.

Cette fiche a pour objectif d'être au plus près de votre enfant/de vous-même en cas de nécessité. Elle sera un appui pour les responsables scouts ou le personnel soignant en cas de besoin. Il est essentiel que les renseignements que vous fournissez soient complets, corrects et à jour au moment des activités concernées. N'hésitez pas à ajouter des informations écrites ou orales auprès des animateurs si cela vous semble utile.

Identité du participant

Prénom : Nom :
Né(e) le /Matricule :
Adresse: No rue :
Code postal : Localité :
E-mail : tél. / GSM :

Personnes à contacter en cas d'urgence

1.Prénom : Nom :
Adresse :
Lien de parenté :
E-mail : tél. / GSM :

2.Prénom : Nom :
Adresse :
Lien de parenté :
E-mail : tél. / GSM :

Médecin(s) traitant(s)

1.Nom :
Adresse :
E-mail : tél. / GSM :

2.Nom :
Adresse :
E-mail : tél. / GSM :

Informations confidentielles concernant la santé du participant

Le participant peut-il prendre part aux activités proposées ? (sport, excursions, jeux, natation...)

## Chers parents,

Vu la législation luxembourgeoise, nous sommes obligés à être à l'actuel de la santé et du bien-être de vos enfants. C'est pourquoi par la présente, nous vous demandons de remplir une fiche santé individuelle de votre enfant pour l'année scoute 2016-2017 et de la remettre aux responsables respectifs. Ces données évidemment personnelles sont garantis à être traitées avec discrétion et ne sont utilisés que par les personnes responsables concernées.

Egalement, obligés par loi, après 12 mois, nous procédons à la destruction définitive des données pour supprimer tout accès aux données confidentielles.

Vous trouverez cette fiche sur notre site internet sous le lien "Publications"(http://www.lionsbleus.lu). Nous vous prions alors de bien vouloir remettre cette fiche dûment remplie aux responsables respectifs ou de l'envoyer à notre boîte postale.

Malheureusement, nous sommes obligés à ne plus laisser participer votre enfant aux activités, si cette fiche n'est remplie et remise avant le 3 novembre 2016.

**Meilleures salutations scouts :)**

*Gremium chefs de groupe*

# Cheffen 2016-2017 Cheffen 2016-2017



## D’Cheffen vun de Lions Bleus Joergang 2016-2017 stellen sech vir

**Léif Elteren,**
Dëst sin di Jugendlech (an manner Jugendlech) dénen Dir Är Kanner roueg kënnt uvertrauen. All d’Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach di vun der FNELverlaangt gët vir kënnen Chef an dénen verschidden Branchen ze sinn. En groussen Dél vun den reschtlechen Responsabelen sin am gaang hier Formation ze maachen. Si genéissen daat voll Vertrauen vum Comité. Zéckt net fir di verschidden Léit ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlech Informationen braucht. Et wier fäin wann dier Iech virdrun géift umelden.



## Cheffen

### Chef de Groupe:

| Numm: | GSM: | E-Mail: | Gebuer: | Formation |
|---|---|---|---|---|
| Schmitt Lex (Atra) | 661 365 188 | lex.schmitt90@gmail.com | 19/09/1990 | CT |

### Assistants Chefs de Groupe:

| Numm: | GSM: | E-Mail: | Gebuer: | Formation: |
|---|---|---|---|---|
| Lampach Christophe (Kodiak) | 691 505 057 | kodiak@vo.lu | 17/11/1980 | RUE |
| Majerus Patrick (Grizzly) | 691 790 239 | grizzly@lionsbleus.lu | 17/08/1968 | RUE |
| Fischer Manon (Tamia) | 621 503 232 | tamia@lionsbleus.lu | 20/08/1981 | CT |
| Lorang Mika (Tic-Tac) | 621 684 622 | mika.lorang@hotmail.com | 22/15/1997 | CC |

### Konto
Les Lions Bleus a.s.b.l.
CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000

**Allgemeng E-mail:**
**cheffen**@lionsbleus.lu

# Cheffen 2016-2017 Cheffen 2016-2017



*Vu lenks no riets: Elsa, Jolly, Spitzki,Tic-Tac, Hawky, Grigri*

## Beaver

**Konto:**
Les Lions Bleus a.s.b.l. - Beaver
CCPL: LU87 1111 2571 8942 0000

**Allgemeng Email:**
**beaver**@lionsbleus.lu

### Chef de colonie:

| Numm: | GSM: | E-Mail: | Gebuer: | Formation: |
|---|---|---|---|---|
| Lorang Mika (Tic-Tac) | 621 684 622 | mika.lorang@hotmail.com | 22/15/1997 | CC |

### Assistants chefs de colonie:

| Numm: | GSM: | E-Mail: | Gebuer: | Formation: |
|---|---|---|---|---|
| Dragovic Drago (Grigri) | 691 631 822 | drago.97@outlook.com | 07/11/1997 | CC |
| Englebert Lara (Spitzki) | 621 281 608 | lara. englebert@gmail.com | 26/06/1998 | ACC |
| Flammang Raphael (Hawky) | 621 720 024 | raphflam@pt.lu | 07/04/2000 | ACCNB |
| Schmitt Lena (Elsa) | 691 790 692 | lena.schmitt93@hotmail.com | 06/07/1993 | CC |
| Lang Maiti (Foxy) | 621 699 401 | maiti_lang@hotmail.com | 03/06/1994 | CC |
| Heinen Nora (Jolly) | 691 790 692 | heino_044@hotmail.com | 23/04/1993 | CC |

## Meute

**Konto:**
Les Lions Bleus a.s.b.l. - Meute
CCPL: LU64 1111 2581 2205 0000

**Allgemeng Email:**
**meute**@lionsbleus.lu



*Vu lenks no riets: Tschill, Bagheera, Rashka, Baloo, Kaa*

### Chef de Meute

| Numm: | GSM: | E-Mail: | Gebuer: | Formation: |
|---|---|---|---|---|
| Adrien Flammang (Bagheera) | 621 231 190 | dridri@pt.lu | 05/01/1997 | CM |

### Assistants chefs de meute:

| Numm: | GSM: | E-Mail: | Gebuer: | Formation: |
|---|---|---|---|---|
| Catherine Heinen (Kaa) | 621 691 993 | heinensendelcath@gmail.com | 07/03/1997 | CM |
| Sarah Simonis (Rashka) | 661 352 010 | sarah@simonis.lu | 18/05/1999 | ACM |
| Lamamra Harry (Baloo) | 691 588 664 | harry-nadir@hotmail.fr | 16/07/2000 | ACMNB |
| Frantz Anne-Marie (Tschill) | 621 633 565 | anne-marie.frantz@hotmail.com | 22/02/1998 | ACMNB |
| Breeze Van Eck (Putmini) | 691 969 754 | breeze-1994@hotmail.com | 14/10/1994 | CM |
| Claude Muller (Rashka) | 691 554 000 | claude251193@hotmail.de | 25/11/1993 | CM |

# Cheffen 2016-2017 Cheffen 2016-2017



*Vu lenks no riets:Aleksis, Tamia, Sam*

## Troupe

### Konto:
Les Lions Bleus a.s.b.l. - Troupe
CCPL:LU61 1111 7017 3032 0000

**Allgemeng Email:**
**troupe**@lionsbleus.lu

### Chef de Troupe:

| Numm: | GSM: | E-Mail: | Gebuer: | Formation: |
|---|---|---|---|---|
| Sam Schmitt | 621 371 462 | schmit98@hotmail.com | 08/02/1998 | CT |

### Assistants Chefs de Troupe:

| Numm: | GSM: | E-Mail: | Gebuer: | Formation: |
|---|---|---|---|---|
| Manon Fischer (Tamia) | 691 503 232 | tamia@lionsbleus.lu | 20/03/1981 | CT |
| Piron Aleksis | 621 376 616 | aleksispiron@yahoo.com | 22/08/2000 | ACTNB |
| Nicolas Atten | 621 572 888 | nicolas.atten@epfl.ch | 24/10/1993 | ACT |
| Reiners Christophe | 621 166 095 | christophe.reiners@hotmail.com | 23/11/1992 | CT |

## Explorer

### Konto:
Les Lions Bleus a.s.b.l. - Explorer
CCPL: LU49 1111 2324 7361 0000

**Allgemeng Email:**
**explorer**@lionsbleus.lu



*Vu lenks no riets: Max, Eric*

### Responsable Unité Explorer:

| Numm: | GSM: | E-Mail: | Gebuer: | Formation: |
|---|---|---|---|---|
| Eric Macé | 661 857 037 | eric.mace@hotmail.com | 08/09/1997 | RUE |

### Assistants Responsables Unité Explorer:

| Numm: | GSM: | E-Mail: | Gebuer: | Formation: |
|---|---|---|---|---|
| Max Majerus | 621 377 048 | majerus.max@outlook.de | 07/09/1999 | ARUENB |
| Patrick Majerus | 691 790 239 | grizzly@lionsbleus.lu | 17/08/1968 | RUE |
| Laurent Cremer | 661 935 160 | cremer02@hotmail.com | 02/11/1985 | RUE |
| Eric Holzem | 621 691 059 | e1992h@hotmail.com | 10/03/1992 | RUE |

# Souche Viiz-Weekend vir SG/EX/RO



An der Hoffnung dass mir dëst Joër méi Aeppel hun, maachen mir erëm een ViizWeekend. Samsdes gesinn mir eis moies fréi ier d'Sonn opgeet am Home fir dann zesummen duerch onst Ländchen ze fueren, op der Sich no deenen schéinsten an beschten Aeppel. Se ginn geraaf an geplèckt, d'Beem gi geräselt an geheemelt. Sonndes dann ginn d'Aeppel raséiert, gewäsch, geschnidden, gehäckselt, gekeltert, gestérilisèiert, gedronk an giess.

Looss dir deen Gaumenschmauss nët entgoën !!!



RENDEZ-VOUS:
Den **15. Oktober 2016** um 8:30 Auer beim Home LBB.

RETOUR:
Den **16.Oktober 2016** ab 16:30 Auer beim Home LBB.
Ab 15:00 Auer sinn d'Elteren härzlëchst op e Patt fräschgepresste Viiz an e Stèck Aeppelkuch angelueden.

PRAIS: 20 Euro sinn bis den 4. Oktober 2016 ze iwwerweisen op de Compte CCPL Les Lions Bleus - Rover (LU22 1111 7017 2426 0000)

SOUCHE: Ass oofzeginn bis den 8. Oktober 2016 bei dèngen Cheffen.

MATERIAL: dem Wierder ugepasste Kleeder, Gamelle, Besteck, Becher, Isoléiermatt, Schlofsaack, Schlappen, fest Schong, Wäschsaachen, Schaffhännchen, ...




Onoofhängeg ops du mat um Viizweekend dobai bass, invitéieren mir dëch, dèng Famill an Frënn härzlech op eis Äppelstuff, den 16 Oktober 2016 ze kommen an mat eis zesummen en Stèck Kuch ze iessen oder e Glas Viiz ze drènken.

Umellen kanns du dech och mat deser Souche!

Ech ______________________________

○ ginn gären mat op den **Viizweekend 2016** vum 15.-16.Oktober 2016.

○ mellen mech un fir d'**Aeppelstuff den 16.Oktober** & mir kommen mat ____ Leit.

______________________________
(Ennerschreft vun den Elteren)

# Halloweenweekend fir d'Wëllefcher (LX)





Léif Monsteren dobaussen,

Dest Joer feiren mir eng gigantesch Halloweenparty an all Monster ass angelueden. Egal ops du en Vampir, en Geescht oder en Werwolf bass !!!

Komm an eist Schlass an hëllef eis bei der Virbereedung.

Mell dech séier un, well d` Platzen sin limitéiert !

An denkt drun, des Party ass nemmen fir Monsteren, net fir



| | |
|---|---|
| Rendez-Vous: | Samstes, den 22.10.16 um 09:00 op der Gare de Luxembourg |
| Retour: | Sonndes, den 23.10.16 um 15:00 beim Chalet vum SNJ zu Ierpeldeng :<br>(Porte des Ardennes L-9145 Erpeldange) |
| Präiss: | 30 Euro sinn bis den 10.10.2016 op de Compte Les Lions Bleus Asbl Meute CCPL LU64 1111 2581 2205 0000 ze iwwerweisen mat der Mentioun: Halloweenweekend 2016 + Numm vum Kand |
| Souche: | ass oofzeginn bis spéitstens den 08.10.2016!!! |

Wat's du brauchs: Biergschong, dem Wieder ugepasste Kleeder fir dobaussen, 5 Saache vum Wëllefchen, Schloofsack, Wäschsaachen, Täscheluucht, Bidon, Gamelle an Kichenduch, an Natierlech eng gruselech Verkleedung ...



Heimat erlaaben ech ..................................

méngem Kand ..................................................

vum 22.-23.10.2016 op den Halloweenweekend matzegöen.

Ënnerschrëft........................................

# Souche Krëschtcamp Souche Explorer

**WOLLTS DU SCHONN LAANG DÄIN SCOUTSWESSEN AN DENG KACHKENSCHT ENNER BEWEIS STELLEN, AN BASS DER NET ZE SCHUED DECH DOFIR UNZESTRENGEN?
DANN MELL DECH LO UN AN SIEF MATT DOBÄI OP ENGEM FLOTTEN AN ERAUSFUERDERENDEN WEEKEND FIR ZE WËSSEN WEI TAFFS DE WIERKLECH BASS. HEI EERLIEFS DU DEN VOLLEN PROGRAMM, VUN KACHEN UM FEIER, BIS BIVAKEIEREN AN WAT DIERF BEI DEN SCOUTEN NET FEHLEN? RICHTEG, EEN GUDDEN HIKE!**









**START:** Den 19.November 2016 um 9:00 mat tiptop Uniform firun der Gare Centrale de Luxembourg

**SCHLUSS:** Den 20.November 2016 um 17:00 op der Gare Centrale de Luxembourg

**PRÄISS:** 20 Euro ze iwwerweisen bis den 15.November 16 op den Compte: Les Lions Bleus a.s.b.l. - Explorer (CCPL IBAN LU49 1111 2324 7361 0000) mat der Mentioun: WE2016+Numm

**SOUCHE:** ass oofzeginn bis den 13.November 2016

**EQUIPMENT:** Schloofsaack, Carrymat, dem Wieder ugespassten Kleeder, Biergschong, Bidon,Wäschsachen, Messer, Jumbo oder Busticket, Gamelle, Täschelucht
An daat üblecht waat een Brauch fir ze iwwerliewen!





**HEIMAT MELLEN ECH ________________________ FOLGENDEN EXPLORER________________________UN, FIR DEN WEEKEND VUM 19. BIS DEN 20. NOVEMBER 2016.**

**ËNNERSCHRËFT: ______________________**



# Souche Sortie fir BV

fir d'Beaver



**Gudde Mëtteg dir léif Beaver !**

**Hues du Loscht e flotten Dag mam Bibu an eiser wonnerschéiner Staat ze verbréngen an vill nei Saachen ze erliewen an ze gesinn?**

**Dann mell dëch esou séier wéi méiglech un !!!**



**Wéini:** 26. November 2016

**Rendez-vous:** Samstes um 10:00 an der Staat bei der Gëlle Fraa
**Retour:** Samstes um 16:00 nees an der Staat bei der Gëlle Fraa

**Waat brauch ech:** Rucksak mat engem gefëllten Bidon, dem Wierder ugepassten Kleeder, Foulard.

**Praiss:** ***5 Euro*** sinn op den Rendez-vous matzebréngen!

**<u>Souche:</u>** ass spéitstens bis den 19. November bei déngen Cheffen ofzeginn !!!

---

**Heimat erlaaben ech .......................... méngem Beaver ......................... un der Sortie den 26. November 2016 an der Staat vun den Lions Bleus deelzehuelen.**



**Ënnerschrëft: ...............................**



# Souche Kleeschen fir de ganze Grupp

**HO - HO - HO**
Si schon ganz ongedëlleg fir op Bouneweg an den Dall bei mèng allerléifst blo Léiwen ze goën an mat hinnen méin Féierdag ze feieren. Dëst Joër gesinn mir eis alleguerten den **2.Dezember 2016** am Home vun den Lions Bleus. Wéi ëmmer brèngen ech Iech dann waarmen Schocki an e rieseg knusperech Kuchenmännercher mat.



Also ech sin dann Freidesowes, den **2.Dezember Punkt 18:00 Auer** am Home bei den Lions Bleus. Ech muss nach an mèngem groussen Buch checken op ech den Housécker brauch, well den brèngt dann dèi néideg Rutten mat. Wann d'Lions Bleus awer am Laaf vum Joër OK waren, da kann deen aalen Granzsaack awer doheem bleiwen. Och wann mer dëst Joër 1 Dag mèi frèi feieren, sou hun ech awer nach ganz vill Aarbëcht um Bockel. Dofir bieden ech Dëch, dass du och wierklech pünktlech um **18:00 Auer am Home bass**, an dat an dènger tiptoper Wanteruniform.

Gehei dofir dèng **Souche** bis den **26.November** an mèng **Bréifkëcht** (nët an d'Wandrouskëcht, mee direkt doniewt) well soss verzweiflen mèng Engelcher erëm, wann së bis den leschten Moment nët wëssen wèivill Thermoskaanen mat Schoki an wèivill Boxemännecher së mer sollen anpaaken.



Léiwen Kléschen, gudden Kléschen
hei ass dem

_______________________________

(also mèng Souche) schon. Ech hun och ganz fläisseg dèng Liddercher geübt, an mèngen Elteren gesoot dat et wichteg wier den **2.Dezember 2016 an tip-topper Wanteruniform** & um Punkt **18:00** Auer am Home ze sinn, wëlls du en gestressten Kleeschen wiers.
Si kommen mëch esou géint
21:00 Auer nees beim Home ofhuelen.



_______________________________________________

Ënnerschrëft vun den Elteren

# Souche Back2Batavia vir SG,EX,RO,CH

Baal en hallewt Joër ass et hir dass mir opgebrach sin an déi nei Welt. Mir hu vill geschafft, vill gesin, vill gelaacht, vill gekrasch. An elo ass et esou wait dass mir eis eremgesin vir den: **Back2BATAVIA.**












**Wee kann matgoen?** Natirlech **Jiddereen** deen och um Batavia dobai war huet Prioritéit op dëse Weekend. All Aaneren deen net dobai wor an awer matgoen wëll, kann natirlech och matgoen!

**Départ ?** Den 10. Dezember 2016 um 9.00 Auer um P&R Howald an TIPTOPER Uniform.
**Retour ?** Den 11. Dezember 2016 um 15.00 Auer beim Home vun de Wiselen zu Mamer

**Prais ?** Vir all déi déi um Camp dobai waren ass de Weekend **GRATIS!**
Vir all déi Aaner déi wëllen matgoen, kascht de Weekend 20 Euro! Déi ze iwwerweisen sin op de Compte LBB Rover (CCPL LU22 1111 7017 2426 0000) bis den 1.Dezember!

**Souche ?** Ass oofzeginn bis den 15. November 2016 bei dengen Cheffen.

**Material ?** Klenge Rucksaack mat Schwammsaachen, eppes ze drenken, eppes ze knabberen, Réimer, Kompass, Biergschong, dem Wierder ugepasste Kleeder, Grousse Rucksaack mat Carrymatt, Schloofsaack, Ersatzkleeder, Täscheluucht, Schlappen, Gamelle, Kichenduch, ...

---

Heimatt erlaaben ech..................................................

mengem **Scout/Guide/Explorer/Rover** .........................................

um **Revivalweekend** **Back2Batavia 2016** (10-11/12/2016) mat

den Mamer Wiselen an den Dippecher Dachsen deel ze huelen.

Ennerschréft: .............................................................

# Gruppen-Krëschtcamp fir Jiddereen



**Opgepasst!!!**
**Dëse Wanter gët eis Hëllef sou dringent gebraucht ewèi nach nie. D'Agenten sinn awer grad alleguerten an der Skivakanz an bei hieren Famillien iwwert d'Feierdeeg. Mee grad elo wou keen mèi hei ass geschéien myteriös Saachen an eisem Ländchen, ët verschwannen Lèit an ët kursèiren Gerüchter. Leider kënnen mer hei nët mèi verooden, mee wanns du ët erausfannen wëlls, mell dëch sou schnell ewèi mèiglech un fir ons ze hëllefen! Mir hunn just 3 Deeg dofir Zäit!**
**Fir dës Herausforderung ze bewältegen, brauchen mir all eenzelnen vun den Lions Bleus. Also kommt sou zahlräich wèi nëmmen irgend mèiglech bei den Quartier Générale vum Geheimdéngscht.**

**Wéini:** 06.01.17 bis den 08.01.17
**Rendez-vous:** Freides um 14:00 op der Gare zu Dummeldèng
**Retour:** Sonndes um 16:00 op der Gare zu Dummeldèng

**Waat brauch ech:** Rucksaak mat engem gefälltem Bidon, dem Wierder ugepasste Kleeder, Ennerwäsch, Foulard, Uniform, Gamelle, Wäschsaachen, Bikini / Schwamm-box, Schloofsaak&Carrymatt, Täschenluut...

**Praiss:** 40 Euro sinn ze iwwerweisen op den Compte: Les Lions Bleus-Rover (CCPL IBAN LU22 1111 7017 0000 2426) mat der Mentioun "GKC17 + Numm vum Kand"

**Souche:** ass spéitstens bis den 17.Dezember 2016 oofzeginn bei dèngem Chef !!!



-----------------------------------------------------------------------------------------------

**Heimat erlaaben ech mèngem Beaver / Wëllefchen / Scout / Explorer ............................................................ um GruppenKrëschtCamp den 06.01.17 bis den 08.01.17 deelzehuelen.**





**Ënnerschrëft:................................**

# SchlittschongSORTIE fir d'Wëllef(LX)

## Sou lues verstëbsen eis Schlittschong am Keller !






## Dofir gët ët héisch Zäit, dass mir së mol erëm benotzen !!! Mell dëch séier un fir dass mir och mat DIR e puer Pirouetten dréien kënnen.



**Rendez-Vous:** Samstes, den 21.01.17 um 10:00 um Parking op der Kockelscheier bei der Barrière.

**Retour:** Samstes, den 21.01.17 um 15:00 Auer wèi um Rendez-vous.

**Präiss:** **5 Euro** sinn op den Rendez-vous matzebrèngen !!!

**Souche:** ass oofzeginn bis spéitstens den 14.01.2017 !!!

**Waat brauchs du:** Biergschong, Händschen/Schaal/Mutz, Bidon, <u>**Pic-Nic**</u> fir Mëttes, Schlittschong fir dèi dèi der hun...

Heimat erlaaben ech ...............................................................................................

méngem Kand ...............................................................................................

den 21.01.2017 op d`SchlittschongSortie matzegoën.



Ënnerschrëft.......................................

# Souche Sauvage

## FNEL Camp fédéral

Am Joer 1354 ass vun e puer Jonken an engem däischtere Bësch en neie Stamm entdeckt ginn: Op verschiddene Wiseplaze verdeelt, lafe Leit ronderëm. Déi Gruppe sinn equipéiert mat Schëlter, Déieren, Geschir, Zelter a weess der Däiwel wat net nach!

Fir net selwer gesinn ze ginn hunn di Jonk sech dunn op engem Fiels, wou se den Iwwerbléck iwwert de ganze Site haten, verstoppt fir der gelungener Mënschemass noze-kucken an ze verfollegen wat do géing lafen.

No e puer Deeg huet sech erausgestallt, dass se sech a verschiddenen Dierfer opgedeelt, sech mat Paarten an Konstruktiounen opgerüst hunn, um Feier kachen an a geselleger Ronn zesumme liewen.



**Wéini ?** **02. August - 12. August 2017**

**Campplaz :** Op der Sich no enger flotter **Campplaz** hu mer eis duerch sämtlech Plaaze gewullt déi esou ze fanne waren. Fir eng flott a grouss Plaaz ze fannen war keng einfach Aufgab fir eis Maîtrise. Schlussendlech si mer awer fündeg ginn an hunn eng mega, flott a genial Plaaz an Nord-Bayern fonnt, matten am Bësch an top geleeë fir e **Scoutscamp**.
De lokale Grupp bei deem mir eis do wäerten **10 Deeg** amuséieren, freet sëch elo schonn op de Lëtzebuerger Besuch!

**Address :** Pfadfinderzeltplatz Sauloch, Collenberg 11, D-96450 COBURG

**Prais ?** **490 EURO** op de Kapp
**1. Acompte** (non-remboursable) vun 100 EURO sinn ze bezuelen bis de **17. Oktober 2016** op de **Konto FNEL-Camp Fédéral 2017**
(BGL LU72 0030 3049 5319 0000) mat der Mention “LBB-Numm-vum-Kand”.

Fir beim Sauvage 2017 kënne mat dobäi ze sinn, muss du bis spéitstens den 17.Oktober 2016 dèng Souche un däi Gruppechef geschéckt hunn.

D´**Umeldung** ass eréischt da gülteg wanns du dèng Souche oofginn hues an d´Suen um Konto sinn.

## ❧ Sauvage 2017 ❧ Umelldungssouche ❧

Numm: ______________________ Virnumm: ______________________

Adress: ______________________________________________

Postcode: __________ Uertschaft: ______________________

# Souche Techuana 2017 Techuana'17

## „Der Berg ruft”

**Jo ët ass erëm sou wäit, och dëst Scouts-Joër fueren MIR erëm an Techuana.**
Du frees dëch also elo schons nees ouni Elektrësch, Heizung an fléissend Waasser ze liewen, op Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngen, dëch verwinnen ze loossen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder e Buch ze liesen bei der schnurrender Gazluucht an nët ze vergiessen onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat hei genee daat Richtegt fir dëch. Mell dëch sou schnell wéi méiglech un, well du wees jo: d'Plaatzen sinn limitéiert!!!!

**Wien kann mat goën:** jiddereen deen bis den 01.09.2016 --> 14 Joër kruut !

**Rendez-vous:** Freidesowes, den **17.Februar 2017** um **18.30** Auer am Home vun den Lions Bleus.

**Zerèck:** Sonndesmoies, den **26.Februar 2017** um **11.00** Auer am Home vun den Lions Bleus.

**Präiss:** Wéi déi letzt Joër'en splécken mir den Präiss op!
Daat heescht 350 Euros fir Transport, Iessen, Sauna/Schwämm &
déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 175 Euros fir den Skipass bezuelen.

**Am Kloertext elo:**
Basic-Pack (Programm, Transport, Iessen, Schwammen) --> bezuelen **365** Euros.
Basic-Pack & Skipass (mat eegenem Skimaterial) --> bezuelen **550** Euros.
(> Hues du keen eegent SkiMaterial, kriss du an der Elterenversammlung weider News wèi's de daat solls maan...vue-que dat d'Lounen hvun Dësem hei zu Lëtzebuerg mèi gënsteg ass ewèi sur place an Eisterraich)

bis spéidstens den 3.02.2017 mat der Mention “Techuana 2017”.
D'Geld ass ze iwwerweisen op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 „Les Lions Bleus a.s.b.l.- Explorer”

**Täschegeld:** dëst Joër ginn och 50 Euros duer :)

**Material:** (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännschen, eng Mutz, en Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (dien an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sinn, an fir an d'Schwämm, a.s.w…)

**Elterenversammlung:** Fir déi Leit déi mat ginn ass déi **Versammlung obligatorësch!!!**
Dës ass Mëttwochs den 14.Dezember 2016 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun dèngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an der Apaacklëscht.

D'Souche muss du schnellstens oofginn sinn, well soss bass du nët officiel ungemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE



Ech ......................................... erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover

.........................................................

mat um TECHUANA-Wantercamp 2017 (17-26.02.17) deelzehuelen.
D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem
Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**



Datum&Ënnerschrëft . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . . .

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

# Programm Beaver

BV - Programm

## Oktober

| | | |
|---|---|---|
| 01.-02. | MONTEE | |
| 08. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 15. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 16. | ÄPPELSTUFF am Home | ab 15:00 |
| 22. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 29. | keng Versammlung (Vakanz) | |



## November

| | | |
|---|---|---|
| 05. | keng Versammlung (Vakanz) | |
| 12. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 19. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 26. | SORTIE | |

## Dezember

| | | |
|---|---|---|
| 02. | KLEESCHEN | |
| 03. | keng Versammlung (LBB Rover-Weekend) | |
| 10. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 17. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 24. | keng Versammlung (Vakanz) | |
| 31. | keng Versammlung (Vakanz) | |

## Januar

| | | |
|---|---|---|
| 06.08. | GRUPPEN-KRËSCHTCAMP | |
| 14. | SORTIE | |
| 21. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 28. | keng Versammlung (CheffenCityTrip) | |



Beaverklack

Tic-Tac,GriGri,Spitzky,Hawky,Foxy,Elsa,Joly

# Programm Wëllef

## LX - Programm



## OKTOBER

| | | |
|---|---|---|
| 01.-02. | MONTEE | |
| 08. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 15. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 22.-23. | Halloweenweekend | |
| 29. | keng Versammlung | |

## NOVEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 05. | keng Versammlung | |
| 12. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 19. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 26. | Versammlung | 14:00-16:00 |

## DEZEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 02. | KLEESCHEN | |
| 03. | keng Versammlung | |
| 10. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 17. | Versammlung<br>(Formatioun Baloo) | 14:00-16:00 |
| 24.+31. | keng Versammlung | |

## JANUAR

| | | |
|---|---|---|
| 06.-08. | GRUPPENKRËSCHTCAMP<br>(Formatioun Raschka) | |
| 14. | Versammlung | 14:00-16:00 |
| 21. | SCHLITTSCHONGSORTIE | |
| 28. | keng Versammlung | |



**Lènks Patt**

Bagheera, Kaa, Raschka, Tschill, Baloo

# Programm Scouten SG - Programm




## OKTOBER

| | | |
|---|---|---|
| 01.-02. | MONTÉE | |
| 08. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 15.-16. | VIIZWEEKEND & ÄPPELSTUFF Sonndes | |
| 22. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 29. | keng Versammlung (Vakanz) | |

## NOVEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 05. | keng Versammlung (Vakanz) | |
| 12. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 19. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 26. | SORTIE (Formation Aleksis) | |

## DEZEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 02. | KLEESCHEN | |
| 03. | keng Versammlung (RO-Weekend) | |
| 10.-11. | WEEKEND ‚Back to Batavia' mat den MW & DD | |
| 17. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 24.+31. | keng Versammlung (Vakanz) | |



## JANUAR

| | | |
|---|---|---|
| 06.-08. | GRUPPEN-KRËSCHTCAMP | |
| 14. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 21. | SORTIE | |
| 27. | ASSEMBLEE GENERALE LBB | |
| 28. | keng Versammlung (FNEL Cheffen City-Trip) | |



**Lenks Patt**

Sam & Aleksis & Tamia

# Programm Explorer EX - Programm

**Oktober**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 01.-02.10.16 | MONTEE | | |
| 08.10.16 | SCHAFF-DAAG | | |
| 15.-16.10.16 | VIIZ-WEEKEND & ÄPPELSTUFF | | |
| 22.10.16 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home LBB |
| 29.10.16 | keng Versammlung (Vakanz) | | |

**November**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 05.11.16 | keng Versammlung (Vakanz) | | |
| 12.11.16 | Explorerversammlung | 16-18 Auer | am Home LBB |
| 19.-20.11.16 | EX-WEEKEND | | |
| 26.11.16 | Unitèitsversammlung | 16-18 Auer | am Home LBB |

**Dezember**

| | | |
|---|---|---|
| 02.12.16 | KLEESCHEN | |
| 03.12.16 | keng Versammlung | >>> LBB Rover-Weekend |
| 10.-11.12.16 | WEEKEND ‚Back to Batavia' mat den DD & MW | |
| 17.12.16 | keng Versammlung | |

**Januar**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 06.-08.01.17 | GRUPPEN KRËSCHTCAMP | | |
| 14.01.17 | Unitèitsversammlung | 16-18 Auer | am Home LBB |
| 15.01.17 | FNEL EXPLORER SPORTSDAG | | |
| 21.01.17 | keng Versammlung | | |
| 27.01.17 | ASSEMBLEE GENERALE LBB | | |
| 28.01.17 | keng Versammlung | >>> FNEL Cheffen City-Trip | |






**Fir d'Unitéit:** Eric M., Max ...

# Programm Rover RO - Programm

| | |
|---|---|
| **01.-02.10.2016** | Gruppen-Montée |
| **08.10.2016** | Schaff-Daag |
| **15.-16.10.2016** | Viizweekend & Äppelstuff (Sonndes) |
| **28.-31.10.2016** | Chef / Rover Squad-Camp an d'Ardèche (F) |
| **02.12.2016** | Kleeschen bei den LBB |
| **03.-04.12.2016** | LBB Rover-Weekend |
| **10.-11.12.2016** | Weekend ‚Back to Batavia' zesummen mat den DD & MW |

# PHOTOS

## LBB-Afrika-Lèiwefest 02.07.16



# PHOTOS

## LBB-Afrika-Lèiwefest 02.07.16



# RAPPORT Pow-Wow vun der FNEL






Den Thema vum Pow-Wow vun dësem Joër wor Wickinger.
Den Pow-Wow wor zu Diddelèng.
Bon am Ufank gouf wèi wèi ëmmer sou gesoot een ‚Theaterstèck' gewisen wann een daat esou nennen kann. No enger Zäitchen gouf dann erklärt waat mer missten maachen, dëst wor nët komplizèiert. Mir hun missten sou Schwerter op eng Base sichen goën wou eng Nummer drop stoung. Wann een dann esou een Schwert haat, misst een bei deen Posten goën an Aufgaab maachen. Wann een Aufgaaben gepackt haat kruut een Punkten. Eis (der Troupe) huet een Spill / Posten gesonneg gudd gefall an zwar deen mam groussen Waasserbasèng, mat ganz vill Waasser : An do an deem Basèng woren sou 6-8 Wickingerschëlder, dèi èischt puer hun gewackelt, dèi aaner woren rutscheg an all dèi aaner woren tselwëscht just dat Cheffen eis hei mat Gromperensäck versicht hun oofzeschèissen an eis souzesoën an d'Waasser wollten beförderen. Bei dësem Spill ass ët also do drëms gaangen sou wäit wèi mèiglech ze kommen ouni an d'Waasser ze faalen. Mëttes gouf ët Spaghetti. No deems dann den Pow-Wow eriwwer wor hun mir all zesummen eng chaîne des Adieux gemeet an kruuten nach een flotten Souvenir vun den Grèngen Scouten, an zwar e Kichenduch mat engem lëtzebuerger Rezept drop. Dono sinn mer dun an den Branchen/Groupe zesummen op den Zuch gaangen an sinn all nees hees gefuer.
**DANIE**







# PHOTOS Pow-Wow vun der FNEL







70 JOER
1946 2016
GRENG SCOUTEN DIDDELENG








# RAPPORT Nepal vun der FNEL(part 1)







**16.07.2016**
Mat engem annuleierte Fluch huet eist Abenteuer den 16te Juli ugefang. Mir sin an de Quartier Générale gefuer fir d'Äntwert vun Turkish Airlines oofzewarden. Geint 17 krute mer dann gesoot dass d'Fluchgesellschaft eis ee neie Fluch fonnt hätt an mir eis den Moien dono rem um P&R Howald treffen.

**17.-18.07.2016**
Mat engem zweeten Unlaaf ass et dunn also mam Bus op de Findel beziehungsweis op Paris Roissy Charles de Gaulle gaangen. De Grupp hat misse gespleckt gin, dee groussen Deel ass trotzdem iwer Istanbul geflunn an den aneren vu Paris direkt op Mumbai. Vun Mumbai aus sin mer dann all zesummen an de Fliger geklommen fir op Katmandu.
Do ukomm, nodeems mer gottseidank all eist gepäck remfonnt haten, goufen mer bei eise Busser vun Nepalesen empfangen. Sie hun eis Blummen op de Kapp gemaach an eise e Roude Punkt op d'Stier gemolt. Direkt war den Kulturennerscheed ze spieren. Mir hun Aafen gesin iwert de Parking laafen an d'Leit soutzen um Trottoire hier Saachen ze verkaafen. Mir sinn dun awer direkt an de Bus gefuer well mer nach eng Busfahrt vun 9 Stonnen firun eis haten. Mir sin Owes geint 23:00 zu Pokhara am Restaurant ukomm, wou mer dann och op d'Julie Havé an seng 5 nepalesesch Frenn getraff sinn. Hat haat nämlech fir 4 Méint an enger Klinik dohannen die Jugendlech betreit an war firun eisem Camp duerch den halwen Nepal gereest fir seng Kollegen eremzefannen an se mat op eise Camp ze brengen. Nom lessen sin mir an 2 verschidden Hotelen opgedeelt gin an denen mer och eis éischt Bekanntschaft mat Kakerlaken am Zëmmer gemach hun.

**19.07.2016**
Den nächsten Moien ass et mam Bus nach e puer Stonnen weider an Richtung Baglung gang. Do goufen mir vun den Scouten vu Baglung mat enger Zeremonie empfangen an kruten en Tempel gewisen. Dunn sin mer zesummen mat hinnen de Bierg eropgetreppelt fir op Baglung bei d'Schoul ze kommen wou mer fir die nächst 10 Deeg geifen liewen. Do goufen mer vun 5 Leit vum Staff empfangen die schon eng Woch eischter an de Nepal geflunn waren. Dono ass et drem gang sech an de Klassesäll anzeriichten, Mustikkennetzer opzehänken an d'Toiletten an d'Duschen opzeriichten. Owes nom lessen hun mer nach Kaarten gespillt an dovun profiteiert eis 5 nepalesesch Gäscht besser kennenzeleiren. Een dovuner, de Krishna huet eis nämlech schlussendlech de ganze Camp begleed an huet richteg dozou geheiert. Engerseits ass hien bei eis bliwen well de Jeff an d'Tanja sec hem sein nach emmer nett verheelten Fouss gekemmert hunn, an anererseits fir dovun ze profiteieren dass d'Julie hien op sou een Abenteuer mat eis matgeholl huet. Hien huet eis vill geleiert iwer seng Kultur an mir him iwert eis.

**RASCHKA**

**20.07.2016**
Mir sin um 8:15 opgestaanen an dann direkt roof bei Moiesiessen gaangen. Et gouf einfach Toasten mat Hunneg oder Gebees an nach Kaffi oder téi. No dem lessen hun mer am Carré den éischten Salut au Drapeau gemaach an kruten dann

# RAPPORT Nepal vun der FNEL (part1)

nach den Ooflaaf vun daag erklärt. Dann hun zwee Patrullen d'Chargen Spullen an Kachen iwerhol an den rescht huet Campplaatz opgeriicht. Mëttes gouf et Rais mat Poulet an enger Curryzoos. Nom iessen ass et dann weider gaanegn bis d'Toiletten,d'Duschen, an den Mupp gebaut waren. Dueno hun mer dann all zesummen Kniddelen kekacht fir eng Ceremony dei owes stattfannen sollt. Wei et dun zait war sin mer all op dei ceremony gaangen mee se war awer zimlech lagweilech an doweinst waren mer all frou wu se endlech ferdeg war an mer all konnten schloofen goen.



**21.07.2016**

Mir sinn rem um 8 :15 opgestaanen an hun den Carré awer virum iessen um 8 :30 gemaach. Dueno hun mer zu moies gies an sin eis dann bei d projekter anschreiwen gaangen. Mee well meng Patrull d'Charge Kachen an Akaafen haat konnten mir eis net anschreiwen, welll dat net mat der Zait geing opgoen. Nom Mëttesiessen sin ech mat aaneren aus menger Patrull, fir owes an den nächsten Moien akaafen gaangen. Dann hun mer den rescht vum daag fir d Owesiessen gekacht. Nom Iessen war ech dun nach eng zaitchen mat deenen aaneren an der Buvette un engem desch an hun Kaarten gespillt bis ech sou um 23 :00 schloofengaangen sinn.



**22.07.2016**

Haut misten mer reischt Moies um 9 :00 prett am Carré stoen fir den Daagesooflaaf erklärt ze kreien. Dueno sin mer eis bei dei Projekter anschreiwen gaangen wou mer loscht haaten. Ech haat mesch beim bau vun engem Busheischen (Resting Shelter) angeschriwen. Dann koum d'Moiesiessen an dueno waren d'chargen drunn. Mee well ech beim Bauprojekt angeschriwen war sin ech dun mat deenen aaneren dei sech och dofir angeschriwen haaten bei d'Busheischen gaangen. Eis Aufgab war et ongefeire 1200 Zillen vun enger stroos, dei enbeschen iwert dem Busheischen lung, iwert eng Traap roof ze transporteiren. Mir wollten eigentlech eng normal Ketten maachen mee well mer zu ze weineg waren fir d'ganz Traap ze Fellen misten mer se eis geigensaiteg zuwerfen. Dei Strategie huet eis zwar epouer kleng Verletzungen mat sech broucht mee no epour stonnen haaten mer et awer gepakt an dunn war et och schon 12:00. Dun sin mer schnell zereck bei d'Schoul gaangen fir net d'Metteschiessen ze vepassen. Nom Mettesiessen hun mer nach eis chargen gemaachn an dann hun ech nach en besschen beim Maurenunstraichen geholef,bis zum Owesiessen. No dem Owesiessen hun ech dann nach e bessen an der Buvette mat deen aaneren Kaarten gespillt an sinn dann sou geint 23 :00 schloofen gaangen.



**CHAREL**

**23.07.2016**

Ech war mat 7 aner Leit a mam Georges vum Staff zu Pokhara fir de Radio Projet. D'Haaptzil vun dem Projet war de Kulturaustausch teschend eis Scouten an den nepali Schüler déi en Deel vun dem Radio Projet sinn. Den 22.07 huet den Direkter vum Projet eis den Oflaf erkläert a wat mir géingen déi 2 Deeg laang maachen. Samschdes sinn dann d'Schüler komm a mir kruten alleguer een nepalesesche



# RAPPORT Nepal vun der FNEL (part1)

Partner zougestallt. No enger kuerzer Kenneleierphase misste mir eis géigesäiteg fierstellen. Dann hunn mer all zesummen en Deel vu Pokhara besicht. Mëttes hunn mir Scouten eis misste Gedanke maache wat mer iwwer Nepal wësse wëllen an ëmgedréint. Wei mer eis zesumme gesat hunn hunn mer dann eng Diskussiounronn geféiert déi opgeholl gouf. Mir hunn den Daach mat Musek an Danzen ofgeschloss.



**24.07.2016**
Wei mer aus eisem Hotel ausgecheckt sinn hunn mer eis direkt op de Wee bei d'Radiostatioun gemaach. Do hate mer en Ex-Direkter a Proff zu Besuch a mir hunn mat him eng Diskussiounsronn iwwert Educatioun gefeiert. Dann hunn mer mat de Schüler puer kleng Knobel Spiller gespillt. Dono hunn mer en lëtzebuergescht Scoutslidd opgeholl an si hunn eis en nepalesescht Kannerlidd bäibruecht wat mer och opgeholl hunn. Mir hunn och nach mat enee geschwat a gedanzt an dunn misste mer och schonn Äddi soen. Owes si mer an enger zimlech eideler Schoul zu Baglung rem ukomm, vu dass all déi aner bis op enger Patrull op den Hike waren.



**25.07.2016**
Wei déi gréng Patrull bis fort war ware mir, déi rout Patrull, ganz alleng an der Schoul. Mir haten zwar alleguer d'Chargen dann a missten Owes fir eis selwer kachen, mee well mer esou wéineg waren, war et net wierklech ustrengend. Moies hunn ech gemeinsam mam Chouette vun de LBB a mam Emilie vun den Aigles mat de Kanner vum Duerf gespillt. Mëttes hat ech endlech d'Geleeënheet mat an d'Spidol ze goen, wat mol eng ganz aner Aart vun Erfahrung war. Do sollt ee mat de Kanner eppes spillen déi entweder krank oder op Besuch waren. Owes ass déi éischt Patrull vum Hike zeréck komm a mir hunn fir eisen eegenen Hike gepaakt.



**26.07.2016**
Um 06:00 moies ass et fir eis Patrull, der Patrull rout lassgaangen: den Hike. Onglécklecherweis huet et gereent wei mir erwescht sinn. Mir hunn eis op alle Fall mat eise Rucksäck ënnen am Haff getraff wou mer nach kuerz gebrieft gi sinn a wou de Lex vun den Aigles, de Responsabele vun eiser Patrull, eis Rucksäck schnell gecheckt huet. Dunn si mir zu 15 Stéck an de Bus geklommen deen eis bei den Depart vum Hike bruecht huet. Do hunn sech puer vun eis e Prabbeli géint de Reen kaf, eng Decisioun déi se spéider net regrettéiert hunn. De Guide huet eis kuerz puer Saachen zum Hike erklärt. Déi éischt Etappe géing 7 Stonnen daueren. Mir sinn dunn 3/4 Stonne laang laanscht Räisfelder an der schéiner nepalesescher Landschaft geträppelt. Ënnerwee si mer dem Fanny vun de Piewitsche begéint wat eis en grausam Trajet virausgesot huet a wat sech op de Réckwee bei d Schoul gemaach huet. Nom Iessen huet et dann ugefaange biergop ze goen an de gréissten Deel vum Trajet waren Trape vun deenen aus mer allerdéngs wonnerschéni Vue haten. Owes si mer an en relativ luxuriéisem Hotel ukomm wou mer gutt ze iesse kruten an d Bierger ronderëm eis betruechte konnten.



**27.07.2016**
No enger erhuelsamer Nuecht an engem gudde Frühstück hunn mer eis op de Wee gemaach. Déi zweet Etapp vum Hike géing 9

# RAPPORT Nepal vun der FNEL (part1)

Stonnen dauere laut dem Guide. An effektiv si mer virum Mëttegiesse 5 Stonne laang Trapen an Häng erop getréppelt. Dunn waren nach emol 4 Stonne virun eis befier mer endlech an den Hotel virum Pun Hill ukomm sinn, der Spëtzt vum Bierg. Erstaunlecherweis si mer während dëser 2. Etapp vill duerch Bëscher getréppelt wat déi meescht vun eis sech net erwaart haten. Den Hotel wou mer d Nuecht verbruecht hunn war komplett anescht wei den éischten: keng Steckdousen an den Zëmmeren a keng Dusche fir all Zëmmer. Trotzdem hunn mer all fonnt dass et ganz sympathesch war.

**28.07.2016**
Um 04:00 moies huet mäi Wecker geschellt. Bis op 2 Leit hunn mer eis all fäerdeg gemaach fir erop op de Pun Hill ze goen, trotz dem Reen an trotz dem Niwwel. An 45 Minutte si mer déi lescht 400 m geklommen a schlussendlech ware mer op enger Heischt vun 3200 m op der Spëtzt vum Bierg. Dann si mer nees erof an den Hotel gaangen an hunn do zu Moies giess. Déi lescht Etape vum Hike géing nach eng Kéier 8 Stonnen daueren. Dëst Kéier misste mer awer net biergop goe mee biergof an dat ass an d Knéie gangen. Et huet och vill gereent wouduerch d Blutegele ganz aktiv waren. Iwwert Hängebrécken, déif Däller a Räisfelder ass et gaangen a schlussendlech hunn mer et gepackt gehat! Owes si mer dann als Ofschloss an e Restaurant iesse gangen.

**29.07.2016**
Haut konnt déi rout Patrull fir d éischte Kéier ausschlofen als Belounung vum Trekking. Och hate mer de ganzen Daach laang fräi, dat heescht mir hate keng Chargen. Iergendwann sinn awer och déi lescht vun eis erwescht an dann hunn mer Neiegkeete mat deenen aneren ausgetosch. Mir hunn eis och déi frësch ugestrach Klassesäll gekuckt, déi eis richteg gefall hunn. An der Kiche sinn ech dem Lisi vun de Bisons futés begéint wat am gaange war e Kuch fir dem Vicky vun de Kiewerleke säi Gebuertsdag (30.07) ze baken. Ech hunn decidéiert him ze hëllefen. Owes hunn mer eis all versammelt a sinn zesummen op en Pic Nic mat Nepalie gaangen, wou mer nach eng Kéier d Méiglechkeet op en Kulturaustausch kruten.

**GRIGRI**














# PHOTOScollage Gruppenversammlung












# Shop Lions Bleus

LBB-Shop

Sëchert lerch elo den

# Starter-Pack_Lions Bleus

## De Präiss schléit an !!!

Alles waats du brauchs vir e gudden Lions Bleus ze sinn ass hei dran! An daat ganzt an enger spezieller Offer elo nëmmen an dem LBB-Shop vum Vertrauen.



**LBB-Pullover** → Eenzelprais **25 €**



**LBB-T-Shirt** → Eenzelprais **12 €**



**LBB-100-Becher** → Eenzelprais **16 €**



**LBB-Kaap/Mutz** → Eenzelprais **12**

**TOTAL** ~~65 €~~

**55 €**



## Aaner Produit'en am LBB-Shop:

| | |
|---|---|
| LBB-Mutz | 12 € |
| Foulard | 5 € |
| Knuet | 4,5 € |
| Vademecum (Wëllef) | 10 € |
| Scoutsbichelchen | 10 € |
| De Jaizert | 10 € |
| LBB-Badge | 4 € |

**an nach VILLES** vun 100 Joër LBB
(T-shirten/Débardeur/Badge...)

**> WÉINI ass den BUTTIK op ???** > vun 15:45-16:15 > **22/10/16**, 26/11/16, 17/12/16...

# Lions Bleus NEWS

## är Postkaarten
























# Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News










**POSTKAARTEN** fir **LBB**

Fiirs du demnächst an Vakanz...
an wëlls den Lions Bleus gär eng flott Postkaart schècken?
Dann zèck nët laang an schèck së op:
**Les Lions Bleus BP1026 L-1010 Luxembourg**
Mir gèifen eis jidderfalls freen an së an der nächster Wandrous publizèieren.
**Also e Grond mèi fir eng Vakanz :):):)**

# WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News

fnel scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
**Nouv.Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!!!

## ALLGEMENG Datumer:

| | | | |
|---|---|---|---|
| 09/10/2016 | LX Formatiouns-Sortie | 12-13/11/2016 | Tronc commun (1) |
| 19/10/2016 | Masterclass | 16/11/2016 | CoGro |
| 22-23/10/2016 | ATH | 29/11/2016 | Soirée Chef de groupes |
| 29-30/10/2016 | ATH | 22/12/2016 | Prost'it |
| 03-06/11/2016 | LX Formatiouns-Camp | 15/01/2017 | EX Sportsdaag |
| 03-06/11/2016 | BV Formatiouns-Camp | 18/01/2017 | CoGro |
| 05-06/11/2016 | Leadership FormatiounsWeekend | 28-29/01/2017 | City-Trip fir all aktiven Chef |
| 04-05/11/2016 | EX Brevêt | 02-12/08/2017 | Camp fédéral 2017 (D) |
| 04-06/11/2016 | SG Formatiouns-Camp | 23/07-04/8/17 | World Scout Moot '17 (Island) |

# et schéngt

et schéngt

01) dat eisen Härr Gruppenchef lo wèini een schèinen Protokoll kruut an dien lo bezuelen misst.
02) wèi wann den Buedem am Quartier générale (dem Home vun der FNEL) zimlech haard wier.
03) dat bei den Lions Bleus virun Kuerzem klengen Nowues freudeg erwaard ginn ass.
04) wèi wann daat schèint Studentenliewen mèi unstrengend gët fir 2 BV-Cheffen an ët lo eecht gët.
05) dat den Gruppenchef ab dësem Joër eng nei, jonk an dynamësch Stäip am Gremium bei kruut.
06) dat d'Hollerech-Garer Scoutskollegen eis Wandrous esou flott fannen dass dës deels kopéiert gët.
07) als op ët d'Lèit gèif ginn dèi lèiwer Bensin tanken am plaaz vun Diesel. (man gönnt sich ja sonst nix)
08) wèi wann deen een oder aaneren am Nepal ganz onwuel Vakanzenerfahrungen gemaach huet.
09) dat eis Explorer sëch letzt Scoutsjoër ganz gudd drun ginn haaten an eben och um EX-Raid.
10) dat daat mam Fändel ophänken, erop- an eroofzèihen virun/no der Réunion nët esou einfach wier.
11) wèi wann dem Gruppenchef säin Hond ab dësem Scoutsjoër een Namensvetter kruut.
12) wèi wann den Drago alias GriGri ab dem Summercamp den absoluten Trendsetter ginn wier.
13) wèi wann d'Lions Bleus an all Alters-Branche Ënnerstëtzung krèichen am jeweilegen Staff
14) dat Auto fueren, respektiv ausparken eng nët esou einfach Saach soll sinn, gell DU Grigri.
15) wèi wann d'Tamia op der Montée richteg Glèck haat, well säin Handy tëscht Baamstämm gefall wor.
16) wèi wann de GruppeChef Sondes um Cheffendaag an der FNEL e Patt zum Beschten ginn haat.
17) als op eis Scoute-Kanner keng alt ze gudd Observateure gewierscht wieren op der G-Versammlung.
18) wèi wann d'Lions Bleus an all hieren Branchen dës Joër richteg gudd gefëllt sinn.
19) wèi wann mer aus heiterem Himmel : eng nei Reimlëchkeet beikruut hätten dobaussen.
20) wèi wann dem ALEKSIS säin ‚Etschèngt' Et schèngt wèi wann nach gudd Wieder wier wier!
21) den ATRA mengt: wier eng flott Idee ab der nächst.Wandrous e RETRO Et schèngt dran ze brèngen.

# et schéngt nët nëmmen

et schéngt nët nëmmen

01) als ging hien säin Auto elo ab sofort nët mèi esou einfach um Trottoir virum Home parken :)
02) dat den RUE sëch no dëser Aktioun een neit Glaas fir säin Handy dierft besuergen.
03) wèi wann kuerz virum Erhalt vun dëser Wandrous eng kleng italienech Meiw op d'Welt komm wier.
04) dat dës awer trotzdem gären eng Lèierpaus maan fir an d'Scouten kënnen hëllefen ze kommen.
05) wèi wann daat den Tic Tac ass, hien sëch freet iwwer Charge an sëch ab elo och GCA nennen dierf.
06) wèi wann Sie nët emol fir d'Rechter gefroot hun an elo vun eisen Aafekoten kontaktèiert ginn :):):)
07) wèi wann Sie direkt belount gi sinn an deems Sie dann och schon fir 2.kèier oofgeschleeft ginn sinn.
08) dat daat nepalesescht Iessen ganz ongewind wor an zum sougenannten Flitzi gefouert haat.
09) wèi wann Sie um Pow-Wow zu Diddelèng dofir opgeruff goufen fir hier 1.Plaatz,an e kl.Kado kruuten.
10) dat den richtegen Ëmgang mam Fändelsmastgewiicht deem jonken BV-Chef nach erklärt muss ginn.
11) dat den Baloo N°1 (Hond) & Baloo N°2 (LX-Chef) sëch och super gèifen verstoën...
12) als op hien am Nepal all Daag sèng FlipFlop'en mat Strëmp unhaat, wèi een richtegen RETRO-Touri.
13) dat mer dëst Joër 4 nei Cheffen hun, dèi sëch engagèieren am Grupp an hier Formatioun maachen.
14) wèi wann elo beim SAMI e bësselchen Lack ewech ass > awer natiirlech nëmmen beim Auto :)
15) dat dësen erëmfonnt gouf, awer och just nodeems de Max mat sènger ultimativer Kappluucht koum.
16) dat hien op AG Donneschdes virdunner ouni Uniform op AG komm wier, an dofir bestroft gouf :)
17) dat Sie einfach laanscht d'Bösewichten vum James Bond gelaaf woren am plaatz së ze fänken.
18) dat onsen Grupp groussen succès hätt, an mir och dofir nët nach zousätzlech Reklamm maan.
19) dat mer dèi nach missten bannen aménagèieren an der Ëmgèigend baussen unpassen missten.
20) dat dem ALEKSIS säin ‚Etschèngtnëtnëmmen' Et schèngt nët nëmmen wèi wann ët och esou wier wier!
21) wèi wann mir daat dann och evtl maan, an eben mat engem vun HIM wärten ufänken, freu freu :)

# les amis des Lions Bleus

amis LBB

Meyer Arlette, Majerus Tina, Thull Kyu, Mme Fay-Bisdorf, Famille Kremer-Braun, Sinner Robert, Anonyme, Majerus Patrick, Famille Schaack-Hirsch Albert, Famille Jung-Thomas, Tunsch Gerard, Sieradzki Peggy, Federmeyer Berthe, Grün Joe, Rohmer Kevin, Heinen Gerard, Famille Reiners, Thibo Charles, Schintgen Claude, Famille Mchale Evelyne-Drennan, Bauler Fränk, Goebbels Joanne, Elvinger Marc …

# 3 Mèintprogramm

3 Mèintprogramm

## oktober'16

| | | |
|---|---|---|
| Sa | 1 | **GRUPPEN-MONTEE** |
| So | 2 | **GRUPPEN-MONTEE** |
| Me | 3 | |
| Dë | 4 | |
| Më | 5 | Permanence |
| Do | 6 | |
| Fr | 7 | |
| Sa | 8 | Beaver / Wëllef / Troupe<br>**LBB Schaff-Daag** |
| So | 9 | |
| Me | 10 | |
| Dë | 11 | |
| Më | 12 | Permanence<br>**& ELTEREN-Versammlung** |
| Do | 13 | |
| Fr | 14 | |
| Sa | 15 | Beaver / Wëllef<br>**VIIZ-WEEKEND** |
| So | 16 | **VIIZ-WEEKEND**<br>**& ÄPPELSTUFF** fir Jiddereen |
| Me | 17 | |
| Dë | 18 | |
| Më | 19 | COGRA |
| Do | 20 | |
| Fr | 21 | |
| Sa | 22 | Beaver / Patrull / Explorer<br>**LX Halloween-Weekend** |
| So | 23 | **LX Halloween-Weekend** |
| Me | 24 | |
| Dë | 25 | |
| Më | 26 | Permanence |
| Do | 27 | |
| Fr | 28 | **CHEF-SQUAD** |
| Sa | 29 | keng Versammlung (Vakanz)<br>**CHEF-SQUAD** |
| So | 30 | **CHEF-SQUAD** |
| Me | 31 | **CHEF-SQUAD** |

## november'16

| | | |
|---|---|---|
| Dë | 1 | |
| Më | 2 | |
| Do | 3 | |
| Fr | 4 | |
| Sa | 5 | keng Versammlung (Vakanz) |
| So | 6 | |
| Me | 7 | |
| Dë | 8 | |
| Më | 9 | Permanence |
| Do | 10 | |
| Fr | 11 | |
| Sa | 12 | Beaver / Wëllef / Troupe / Explorer |
| So | 13 | |
| Me | 14 | |
| Dë | 15 | |
| Më | 16 | Permanence |
| Do | 17 | |
| Fr | 18 | Wandrouseinsendeschluss |
| Sa | 19 | Beaver / Wëllef / Patrull<br>**EX Weekend** |
| So | 20 | **EX Weekend** |
| Me | 21 | |
| Dë | 22 | |
| Më | 23 | COGRA |
| Do | 24 | |
| Fr | 25 | Wandrousredaktionsschluss |
| Sa | 26 | Wëllef / Unitéit<br>**BV Sortie & SG Sortie** |
| So | 27 | |
| Me | 28 | |
| Dë | 29 | |
| Më | 30 | Permanence |

## dezember'16

| | | |
|---|---|---|
| Do | 1 | |
| Fr | 2 | **LBB Kleeschen** |
| Sa | 3 | keng Versammlung<br>**LBB ROVER-WEEKEND** |
| So | 4 | **LBB ROVER-WEEKEND** |
| Me | 5 | |
| Dë | 6 | |
| Më | 7 | Permanence |
| Do | 8 | |
| Fr | 9 | |
| Sa | 10 | Beaver / Wëllef<br>**Back to Batavia - WEEKEND** |
| So | 11 | **Back to Batavia - WEEKEND** |
| Me | 12 | |
| Dë | 13 | |
| Më | 14 | COGRA |
| Do | 15 | |
| Fr | 16 | |
| Sa | 17 | Beaver / Wëllef / Troupe |
| So | 18 | |
| Me | 19 | |
| Dë | 20 | |
| Më | 21 | Permanence |
| Do | 22 | **FNEL Prost'it** |
| Fr | 23 | |
| Sa | 24 | |
| So | 25 | |
| Me | 26 | |
| Dë | 27 | |
| Më | 28 | |
| Do | 29 | |
| Fr | 30 | Kréschtvakanz<br>24.12.2016 - 8.01.2017 |
| Sa | 31 | **GRUPPEN KRËSCHTCAMP**<br>**06.-08.01.2017** |

# Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu

NEPAL 2016
‚Wir haben's überlebt'
an ët wor amazing :):):)



* THAT'S ALL FOLKS